Erasmus+ Program

Co-funded by the Erasmus+ Programme of the European Union

## Wëlls du eng onvergiesslech Erfarung am Ausland maachen?

## Erasmus+ Student Mobility - Deng Chance fir 2025-2026!

Eis Schoul mécht och dëst Joer nees mat beim **Erasmus+ Programm**, a mir bidden dir zwou eenzegaarteg Geleeënheeten, fir eng Auslandserfarung ze sammelen!

### Mobilitéit vu 10 Deeg a Portugal

Entdeck d'Liewen an d'Schoulkultur a Portugal wärend enger kuerzer Mobilitéit! Eng super Geleeënheet fir an eng nei Kultur eranzetauchen, nei Kontakter ze knäppen a selwer e bëssen iwwer deng Komfortzon eraus ze wuesse.

### Mobilitéit vu 30 Deeg a Frankräich

Entdeck d'Liewen an d'Kultur an enger franséischer Partnerschoul während e puer Wochen. Du hues d'Méiglechkeet, nei Frëndschaften ze knäppen, däin Franséisch ze verbesseren an eng nei Schoulerfarung ze maachen!

Dës Mobilitéiten si fir d'Schüler déi AKTUELL op folgenden Klassen sinn:
5e C, 4e C/G an 3e C/G.

### Wichteg:

- Wärend dengem Openthalt am Ausland wunns du bei enger Gaaschtfamill.
- Wann's du dech umells, erkläers du dech domat averstanen, och däi portugisesche oder franséische Schüler wärend dem selwechte Schouljoer oder wärend dem Schouljoer 2026-2027 bei dir doheem zu Lëtzebuerg opzehuelen.

### Nach wichteg Informatiounen:

- D'Käschte fir d'Rees, d'Iwwernuechtung an d'Aktivitéite ginn duerch de Projet gedroen. Dëst kann et och Schüler erméiglechen, matzemaachen, déi net esou vill finanziell Mëttel hunn.
- D'Selektioun vun den interesséierte Schüler gëtt op Basis vun engem Dossier gemaach.

### Interesse?

Da mell dech bei Froen bei der Mme Hendrickx oder dem Här Lenelle.
Wann's du dech wëlls umellen, da fëll d'Dokument am Teams oder um Internetsite op Englesch aus, a gëff et engem vu béiden of.

**Mir begleeden dech vum Ufank bis zum Schluss!**
**Erasmus+ – Léieren. Reesen. Wuessen.**